Du sichs eng nei Erausfuerderung?
Du hues Loscht een Team ze leeden an awer och am direkten Encadrement vu Mënschen mat enger intellektueller Beanträchtegung ze schaffen?
Da bass du bei eis richteg!

D'asbl Op der Schock stellt an:

1 Chef de Service fir eise Service Activités de Jour zu Kéiber (m/f/n), CDI 30-40St./Woch

Deng Missioun:

- ✓ Mam Coordinateur zesummen d'Leedung vum Service ze assuréieren a fir ee gudde Fonctionnement suergen am Aklang mat de Wäerter an der Philosophie vun der Schock

- ✓ An dëser Zesummenarbecht läit de Schwéierpunkt vun der Arbecht vum Chef de service op der Matarbechterféierung:
  - Leedung vun Teamversammlungen,
  - Mataarbechtergespréicher,
  - Erstellung a Suivi vun de Schaffpläng,
  - Gestioun vum Congé vun de Mataarbechter …
  - Asw

- ✓ Zesummenarbecht mam Coordinateur a folgende Beräicher:
  - Organisatioun vum Alldag
  - D'Matarbechter ënnerstëtzen an der pädagogescher Arbecht mat eise Bénéficiairen
  - Austausch mat den Elteren
  - Zesummenarbecht an Austausch mat aanere Service vun der Schock (Direktioun an Administratioun, Coordinateuren a Chefs de service vun der Wunnstruktur, de begleedende Servicer an den Arbechtsstrukturen
  - asw

- ✓ Encadrement vun engem Grupp vu Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung am Service Activités de Jour:

  - Ëmsëtze vun individuelle Förderpläng déi et de Mënschen erméiglechen hir Fäegkeeten weiderzeentwéckelen an hir Autonomie förderen
  - Op Basis vun de Bedierfnisser an de Ressourcë vun dëse Leit eng zilorientéiert Begleedung an Dokumentatioun duerchféieren

Qualifikatioun a Kompetenzen déi's du als Chef de Service matbrenge solls:

- ✓ Ee Leadership, wat geprägt ass duerch eng gewaltfräi Haltung, eng respektvoll, wohlwollend an léisungsorientéiert Haltung an der Aarbecht , Kloerheet an Zielgeriichtheet
- ✓ Fähegkeet eng Diskussioun konstruktiv an zielorientéiert ze leeden
- ✓ Fähegkeet Freed a Motivatioun, den Equipegeescht ze förderen
- ✓ Ee wohlwollenden a wäertschätzenden Humor
- ✓ Excellent Kommunikatiounskompetenzen (net wäertend, faktebaséiert,…)
- ✓ Kapabel, autonom ze schaffen a Responsabilitéit ze iwwerhuelen
- ✓ Gutt Kompetenzen an der Verschréftlechung
- ✓ Strukturéiert a koordinéiert Schaffen, gutt Zäitgestioun
- ✓ Flexibilitéit an Teamfäegkeet
- ✓ Freed an Engagement an der Aarbecht mat Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung
- ✓ Gutt PC-Kenntnisser

- ✓ Een zu Lëtzebuerg unerkannten Diplom als Heilpädagog oder Ergotherapeut, oder
  Een zu Lëtzebuerg unerkannten Diplom als Erzéiher an Berufserfahrung an der Leedung

- ✓ Beruffserfarung mat Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung si vu Virdeel

Wat mir dir bidden ?

- ✓ Zesummeschaffen an engem dynameschen a a motivéierten Team
- ✓ Vernetzung mat aanere Servicer
- ✓ Regelméisseg Formatiounen
- ✓ Aschaffen vun der aktueller Cheffe de service, déi uschléissend aaner Fonctiounen op der Schock iwwerhëllt
- ✓ Salaire a Konditioune vum CCT SAS

Konditiounen :

- Führerschäin B
- Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch
  Lëtzebuergesch schwätzen ass eis wichteg, fir dass déi betreite Persounen hir Betreier verstinn.
- Well dir mat Mënsche mat enger Beanträchtegung schafft, gëtt och een Extrait (3,4 an 5) aus dem Casier judiciaire gefrot

Wann Dir interesséiert sidd, schéckt Är Demande (Liewenslaf, Motivatiounsbréif, Foto, Kopie vum néidegen Diplom a senger Unerkennung zu Lëtzebuerg) un:

Op der Schock
Ressources humaines
B.P.10
L-8501 Redange

Oder per E-Mail un: recrutement@ods.lu

Eng éischt Selektioun gëtt opgrond vun den Dossiere gemaach. Fir weider Informatiounen, kënnt dir eis gäre kontaktéieren. Tel: 26 62 18 81 E-mail: recrutement@ods.lu